**IMS** LUXEMBOURG
Inspiring More Sustainability

CHARTE de la DIVERSITE LËTZEBUERG

Sech fir d'Diversitéit anzesetzen, heescht fir eng Organisatioun zu Lëtzebuerg, iwwert de legale Kader vun der Gläichberechtegung ewechzegoen an d'Diversitéit vun de Profiller als richtegen Atout fir d'Leeschtungsfähegkeet vun enger Organisatioun ze betruechten.

Eng Managementstrategie vun der Diversitéit unzewenden, heescht déi eenzegaarteg Talenter an d'Fäegkeete vun all Individuum ze respektéieren a wierdegen an dës Astellung an der Organisatiounskultur a –praxis ze verankeren.

Eng integrativ Organisatioun ze schaffen, heescht all eenzeler Persoun et ze erméiglechen, hier Platz an der Gesellschaft ze fannen an sech se entfalen, domat se zum Räichtum vum Land bäidroe kann.

Fir dëst Ziel ze realiséieren, verflicht sech d'Organisatioun......TrAxxion S.A.........
vertrueden duerch ....Sven Mertes.................. duerch d'Ënnerschrëft vun dëser Charta:

1. D'Entscheedungsträger a Mataarbechter fir d'Erausfuerderunge vun der Diversitéit als Quell vun der Beräicherung, der Innovatioun, dem Fortschrëtt a vun der sozialer Kohäsioun **ze sensibiliséieren, an se entspriechend ze forméieren an anzebannen.**

2. **Eng Diversitéitspolitik ze definéieren** a Praktiken an Aktiounspläng, déi den Ëmgang mat individuellen Ënnerscheeder vu Persoune bewosst integréieren, ëmzesetzen.

3. D'Grondsätz vun der Chancëgläichheet an d'Förderung vun der Diversitéit, souwuel an den Entscheedungsprozesser, an der Féierung vun der Organisatioun, wéi och am Personalmanagement **ëmzesetzen.**

4. Dës Praktiken, hier Resultater an Auswierkunge reegelméisseg **z'évaluéieren.**

5. D'Verpflichtunge wéi och déi konkret Resultater vun de getraffe Mesurënn allen Betraffenen an der Organisatioun **matzedeelen.**

6. Sämtlech Partner **dozou encouragéieren**, sech och fir d'Gläichberechtegung an d'Förderung vun der Diversitéit anzesetzen.

*Gemaach zu Lëtzebuerg, den* 15/05/2025

*Ënnerschrëft*